Honnertzwielef 112

DE MAGASINN
VUN DE LËTZBUERGER
POMPJEEËN

MEE 2026/N°18



HANNERT DE KULISSE VUN DER NEIER REKRUTÉIERUNGSCAMPAGNE

14
ACTUALITÉS
Médaille honorifique

22
INSIGHT CGDIS
De CGDIS rekrutéiert Beruffspompjeeën

38
DANS LES TUYAUX
Die Praxisbegleitung im CGDIS

42
DERRIÈRE LES COULISSES
Lancement réussi de Staying Alive LU

CGDIS
CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

PUBLIÉ PAR
Corps grand-ducal d'incendie et de secours

CONTACTS

En cas d'urgence : 112

Numéros utiles :

Standard téléphonique :	49771-1
Service communication :	49771-2046
Département des pompiers volontaires :	49771-2332
INFS (formation) :	49771-2500

E-mail :
info@cgdis.lu

Contact rédaction :
communication@cgdis.lu

ADRESSE
3 Boulevard de Kockelscheuer, L-1821 Luxembourg

PRODUIT PAR
Direction générale - Service communication

CONTACT
communication@cgdis.lu

Impression
Imprimerie Centrale - Gasperich



PHOTO : © CGDIS

COVER
1 vu 6 Postere vun der neier Campagne fir de Rekrutement vu neie Beruffspompjeeën.

© 2026 CGDIS

Tous droits réservés.
Toute reproduction ou adaptation, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite du CGDIS.

FSC

MyClimate



Edito

D'Jugendaarbecht am Rettungswiesen ass zanter Joerzéngten ee wichtege Bestanddeel vun de Lëtzebuerger Pompjeeën. An de Jugendsektiounen léieren eis Kanner a Jugendlecher net nëmmen wéi si an Noutsituatiounen kënne handelen, mee si entwéckelen och déi Wäerter, déi de CGDIS droen: Solidaritéit, Engagement, Zouverlässegkeet an eng professionell Astellung. Dës Grondlag maachen aus hinnen déi verantwortungsvoll Bierger vu muer.

Mat der Grënnung vun der «Lëtzeburger Jugendpompjeeën» ASBL setze mir e kloert Zeechen. Mir wëllen d'Jugendaarbecht nach méi professionell ënnerstëtzen, d'Moniteuren entlaaschten an de Jonken dee beschtméiglechen Encadrement bidden. Dës nei Struktur erméiglecht eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht dem CGDIS, der FNP an de Jugendsektiounen an hëlleft eis, d'Offer fir d'Kanner a Jugendlecher weider auszebauen.

D'Jugendpompjeeën sinn haut schonn e feste Bestanddeel vun eiser ziviler Sécherheet. Si léieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an entwéckele Kompetenzen, déi si spéider, fräiwëlleg oder berufflech, an de Rettungsdéngschter oder an hirem weidere Liewe kënne weiderféieren. Dëst Engagement ass onschätzbar fir de Nowuess am CGDIS a fir d'Stäerkung vun eiser nationaler Resilienz.

Mat der LJP ASBL schafe mir déi richteg Konditiounen, fir dës Missioun an d'Zukunft ze droen. Mir investéieren an eis Jugend, an domadder an e staarkt, solidarescht a virbereet Lëtzebuerg.

Paul Schroeder
Directeur général

Sommaire





ACTUALITÉS

06 Un oeil sur de Grand-Duché

16 Un oeil sur la planète

LA VIE À LA CASERNE

18 Service Sport

INSIGHT CGDIS

22 De CGDIS rekrutéiert Beruffspompjeeën

SOUS LES PROJECTEURS

26 How a system saves lives

34 Bilan PNOS et les objectifs stratégiques du CGDIS

DANS LES TUYAUX

38 Die Praxisbegleitung im CGDIS





DERRIÈRE LES COULISSES

42 Lancement réussi de Staying Alive LU

LA RELÈVE EST ASSURÉE

44 D'ASBL "Lëtzebuerger Jugendpompjeeën" stellt sech fir

SUR LA TOILE

48 #cgdis112

UN ŒIL SUR LE GRAND-DUCHÉ

Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est en pleine croissance. Les projets sont nombreux et l'actualité autour des pompiers au Luxembourg mais également à l'étranger est bouillonnante. En voici un petit aperçu.



Actualités



CSU-112

Immersion du ministre des Affaires intérieures Léon Gloden au CSU-112

CGDIS CGDIS

À l'occasion de la Journée européenne du 112, le ministre des Affaires intérieures, Monsieur Léon Gloden, fut présent au Central des Secours d'Urgence (CSU-112).

Dans le cadre d'un point presse qui s'est tenu à cette occasion, le ministre des Affaires intérieures est revenu sur son expérience vécue au sein du CSU-112. Il a pu suivre de près le travail quotidien des opérateurs et mesurer l'importance de leur rôle essentiel dans la chaîne des secours et dans le renforcement de la résilience du pays face aux situations d'urgence.

« J'ai participé à une garde du centre d'appel. Le 112 est plus qu'un simple numéro ; le 112, ce sont nos anges gardiens en cas d'urgence. Je profite de l'occasion pour remercier les plus de 7000 pompiers et tout le personnel du CGDIS pour leur engagement au service de tous » a déclaré le ministre.

Les responsables du Central des Secours d'Urgence ont ensuite présenté les chiffres clés du service, ainsi que les outils de modernisation déployés ces dernières années afin d'améliorer la prise en charge des appels d'urgence. Parmi ces outils figure notamment la fonctionnalité Emergency Eye qui permet aux opérateurs du CSU-112 de recevoir, en temps réel et avec l'accord de l'appelant, des images vidéo ainsi que de disposer d'une fonctionnalité de messagerie instantanée permettant d'améliorer l'accessibilité aux personnes en situation de handicap.

Vidéo Emergency Eye

Bilan 2024

Nombre total d'appels au CSU-112 :	442 837
Nombre total d'appels d'urgences au 112 :	244 341 (706/jour, 1 appel toutes les 2 minutes)
Opérations déclenchées après un appel d'urgence :	71 965 (197/jour, 1 toutes les 7 minutes)
Temps d'attente moyen pour les appels au 112 :	7 secondes
E-Call :	2 713





CGDIS RUN 2026





CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

CGDIS Run

CGDIS CGDIS

Den 1. Mäerz 2026 huet déi 2. Editioun vum CGDIS Run am Centre National d'Incendie et de Secours stattfonnt. Ronn 1.500 Leefer, an domat méi wéi duebel souvill wéi 2024, hunn de Wee op d'Cloche d'Or fonnt, fir hir Ausdauer op verschiddene Parcoursen ze testen. Fir Erwuessener a Jugendlecher ab 12 Joer goufen Distanze vu 5 km an 10 km ugebueden, wärend d'Kanner sech op 1 km an 2 km konnte beweisen.

De Parcours huet iwwert de Boulevard de Kockelscheuer, duerch de Park Ban de Gasperich, laanscht eis Pompjeesgefierer bis bei d'Arrivée an der Übungszon vum Institut National de Formation des Secours gefouert. Eng Streck, déi sportlech Erausfuerderung mat engem Bléck hannert d'Kulisse vum Rettungswiese kombinéiert huet.

Wéi scho bei der éischter Editioun ass dëst Event mam Lafclub Spiridon Lëtzebuerg organiséiert ginn. De CGDIS huet d'Location zur Verfügung gestallt an huet sech em d'Logistik an d'Promotioun gekëmmert. Spiridon Lëtzebuerg war fir d'Inscriptiounen, de Parcours an de Ravitaillement zoustänneg.

Och 2 Amicallen, de Comité des Fêtes et de la Cohésion Sociale an d'Amicale CIS Luxembourg waren aktiv um Event bedeelegt an hunn dofir gesuergt, dass keen duuschtereg oder hongereg Heem gaangen ass. Fir déi Kleng war och de Lio Liewensretter mat dobäi, hien huet sech mat méi wei 200 Kanner fir d'Course iwwer 1 an 2 km waarm gemaach an esou fir extra Motivatioun gesuergt.

D'Organisateuren an d'Participanten hunn sech iwwer eng gelongen Editioun gefreet, déi gewisen huet, wéi Sport, Zesummenhalt an Engagement Hand an Hand ginn. De CGDIS Run bleift domat e staarkt Zeeche fir eng dynamesch a solidaresch Gemeinschaft.

Resultater















Fotoalben



BELVAL UNIVERSITÉ

Remise des diplômes 2026

CGDIS Eric Di Millo

Le 26 mars 2026, plus de 300 pompiers volontaires et professionnels se sont vu remettre leurs diplômes des mains du ministre des Affaires intérieures Léon Gloden à l'occasion d'une cérémonie officielle organisée par le Corps grand-ducal d'incendie et de secours sur le campus de l'Université à Belval.

Le directeur de l'Institut National de Formation des Secours (INFS), Colonel Steve Mack, a tenu à féliciter l'ensemble des 961 lauréats qui, au total, ont obtenu 1218 diplômes au cours de l'année écoulée. Il a salué le travail des membres de l'INFS pour l'organisation des cours, tout en soulignant leur effort constant en faveur de l'amélioration de la qualité et de la diversité des formations proposées. Les 1218 diplômes qui ont été remis par l'INFS se composent d'une panoplie de 43 cours différents proposés aux membres des services de secours. Il est à relever qu'en parallèle, les instructeurs et moniteurs de l'INFS ont encadré 440 formations de premiers secours et de sécurité et prévention des accidents au quotidien (SUA) permettant à 6418 personnes d'acquérir les gestes élémentaires de secours, de sécurité et de prévention.

Le Président du Conseil d'administration, Monsieur Alain Becker, a pour sa part souligné que le nombre de diplômes remis constitue en soi un plaidoyer en faveur de la formation moderne proposée par l'INFS aux membres du CGDIS. Les réalités du terrain toujours plus complexes mais aussi les attentes toujours plus élevées envers les services de secours font que la formation continue est une réalité nécessaire et d'ores et déjà ancrée au sein du CGDIS.

Monsieur le ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, a félicité chacune et chacun des lauréats et remercié les équipes de l'Institut National de Formation des Secours pour leur investissement en faveur d'une formation moderne et adaptée aux besoins du terrain. Il a surtout souligné l'engagement de l'intégralité des membres du CGDIS en faveur des efforts de résilience nationale.

Son intervention a été suivie par une présentation de monsieur Jörg Teusch, Stabstellenleiter Brand und Katastrophenschutz auprès de la Kreisverwaltung Bernkastel-Wittlich, qui est revenu sur une intervention marquante ayant eu lieu à Kröv (Allemagne) en août 2024. L'effondrement d'un hôtel avait entrainé le décès de deux personnes et l'intervention de 200 pompiers afin de secourir dans des conditions extrêmement complexes sept personnes blessées. Son retour d'expérience a permis à l'audience de mieux appréhender les dangers encourus et les mesures à prendre dans ce type de situation exceptionnelle.








Jörg TEUSCH
Brand-und Katastropheninsp


ALON « OR »



























Récksäit vun der Médaille commémorative fir den Trounwiessel vun S.A.R. dem Grand-Duc Guillaume.

CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

Médaille commémorative "Trounwiessel"

CGDIS CGDIS

Am Kader vun de Festivitéite vum Trounwiessel den 3, 4 a 5 Oktober 2025, huet de Corps grand-ducal d'incendie et de secours ronn 300 fräiwëlleg an professionnel Pompjeeë wéi och administrativt an technescht Personal mobiliséiert fir d'Sécherheet vun de Participanten an dem Publikum ze garantéieren.

Als Zeeche vun Unerkennung fir den aussergewéinlechen Asaz vum Rettungsdéngscht, huet d'Maison du Grand-Duc entscheet dem Corps eng Medail z'iwwerreechen. Dës Auszeechnung ënnersträicht d'Wichtegkeet vun der Präsenz vun eise Memberen an hirer professioneller Astellung, déi weesentlech dozou bäigedroen huet, datt d'Festivitéite an engem sécheren a rouege Kader konnten oflafen.

D'Medail ass net nëmmen eng Éierung fir d'Institutioun, mee virun allem eng kollektiv Unerkennung fir all déi Fraen a Männer, fräiwëlleg a berufflech, déi am Dispositif engagéiert waren. D'Medail symboliséiert Respekt an Dankbarkeet fir déi Stonnen Asaz, déi héich Reaktiounsfäegkeet an den onermiddlechen Engagement am Déngscht vun der Bevëlkerung.

Dës Medail wäert zukünfteg nieft dem Fändel vum Corps am Centre National d'Incendie et de Secours ausgestallt ginn.



Déi viischt Säit vun der Médaille commémorative fir den Trounwiessel vun S.A.R. dem Grand-Duc Guillaume.



MADAGASCAR

Tropical cyclone Gezani: Luxembourg's HIT Supports Madagascar

On 31 January, cyclone Fytia made landfall in Madagascar. Just nine days later the tropical cyclone Gezani struck the city Toamasina on the east coast of the island, leading to severe destruction and a high risk of flooding. Early estimates from Madagascar's National Office for Risk and Disaster Management (BNGRC) indicated that more then 270.000 people could be affected and at least 16.000 displaced.

Madagascar faces these natural disasters regularly, making humanitarian assistance both urgent and complex. To ensure that aid reaches the most vulnerable populations, accurate assessments and strong coordination mechanism are essential. Reliable communication systems are a cornerstone of this coordination.

Activation of the EU Civil Protection Mechanism
On 12 February, following Madagascar's official request for international assistance, the Emergency Response Coordination Center (ERCC) in Brussels activated the Union Civil Protection Mechanism (UCPM). In addition to in-kind assistance like shelter and medical supplies, Madagascar specifically requested telecommunication capabilities.

Luxembourg was therefore asked to deploy its emergency.lu platform, a certified and pre-committed capacity within the UCPM voluntary pool. These assets cans be mobilised directly by the European Commission as part of the EU's solidarity response.

Deployment of the Humanitarian Intervention Team
On 14 February, two experts from the Humanitarian Intervention Team (HIT) from CGDIS, Tom Zeihen and Philippe Hein, departed for Madagascar.

After landing in Antananarivo, the capital of Madagascar, their missions quickly became challenging. Due to severe cyclone-related road damage, the team had to undertake a 12-hour drive to Toamasina, located 350 km from the capital. Once on site, Philippe and Tom could start with their assessment. Their main objective was to define the best place to deploy the emergency.lu antenna and to analyse how they could best support the ongoing coordination effort of the BNGRC, the national civil protection agency.

After installing the first antenna, they also put up a dedicated link to provide internet connectivity to the French water purification team.

© CGDIS

Although more and more response teams now are also equipped with other telecommunication platforms, like Starlink, the operations in Madagascar showed again the huge advantage of the emergency.lu solution, such as a controlled and secure access, and the reduced risk of creating a bottleneck and network congestion. Emergency.lu is a mobile satellite-based platform maintain and offered by the Ministry of Foreign and European Affairs, Defence, Development Cooperation and Foreign Trade.

Two weeks of support on the ground

Tom and Philippe stayed in Madagascar for more than two weeks, assisting local authorities as much as possible. Beside some minor challenges, like the break down of a generator, the mission run smoothly. The population was welcoming and thankful for the European Support.

This was not the HIT's first deployment to Madagascar, and all experts share a common impression: despite the country's high exposure to natural disasters, its people consistently demonstrate remarkable positivity and determination to rebuild.







© GDIS

Nieft dem Encadrement vun de Stagiaire gëtt et fir all anere Member vum CGDIS – ob berufflech oder fräiwëlleg – eng breet Offer un Aktivitéiten an d'Méiglechkeet vun enger perséinlecher Fitnessberodung.

SERVICE SPORT ET APTITUDES PHYSIQUES



Michel Grüneisen © CGDIS



Am Alldag vum Pompjeesdéngscht ass kierperlech Fitness keng Optioun, mee eng absolut Noutwendegkeet. Schwéiert Material droen, séier an usprochsvoll Interventiounen, laang Asätz ënner usprochsvolle Konditiounen – all dat verlaangt eng héich physesch Leeschtungsfäegkeet. Fir dës virzebereeden an nohalteg ze erhalen, spillt de Service sport et aptitudes physiques eng zentral Roll.

Hannert dësem Service steet eng engagéiert Struktur: fënnef haaptberufflech Coache, déi den deeglechen Encadrement vun den zukünftege Beruffspompjeeën assuréieren, woubäi jidderee vun hinnen seng perséinlech Stäerkte matbréngt. Ënnerstëtzt gëtt déi berufflech Ekipp vu ronn 40 fräiwëllege Coachen déi alleguer vum Service rekrutéiert a forméiert goufen.

Basis fir zukünfteg Beruffspompjeeën

Eng vun den Haaptmissioune vum Service ass de sportlechen Encadrement vun den zukünftege Beruffspompjeeë wärend hirer Formatioun. D'Rekrutte ginn duerch geziilten Training op déi kierperlech Ufuerderunge vum Beruff virbereet. Ausdauer, Kraaft, Mobilitéit a Koordinatioun stinn dobäi am Mëttelpunkt.

Mat strukturéierten Trainingsprogrammer, reegelméissegen Tester an enger professioneller Begleedung suergt de Service dofir, datt d'Kandidaten hir physesch Fäegkeete progressiv opbauen. D'Zil ass kloer: Pompjeeën auszebilden, déi net nëmmen technesch kompetent, mee och kierperlech optimal op den Asaz virbereet sinn. Zu verschiddene Momenter musse bis zu 120 Stagiaire gläichzäiteg am sportlechen Deel vun der Formatioun betreit ginn. Dëst stellt héich Ufuerderungen un d'Organisatioun an d'Koordinatioun vum Service.

Duerch déi zousätzlech Prioritéit, laangfristeg gesond Pompjeeën op den Terrain ze brénge, gewannen Theme wéi Recuperatioun a Mobilitéit ëmmer méi u Relevanz. Dëst gëtt duerch verletzungsvirbeugend Moossname, wéi z.B. d'Uschafe vum néidege Sportsequipement fir eng optimal Regeneratioun an d'Organisatioun vun entspriechenden Ausbildunge fir d'Coache vum Service garantéiert. Projeten wéi "A bis Z – Rückentraining" suergen dofir, dass d'Sportsprophylaxe och am Alldag vum Beruffspompjee verfollegt ka ginn. Dëst ass ee Plakat mat 26 einfachen Übungen, déi a ganz kuerzer Zäit an ouni Material kënnen duerchgefouert ginn.

Mat dem wéchentlechen Ekippesport wärend der Formatioun um CNIS léieren d'Stagiaire gemeinsam an effizient op en Zil hinzeschaffen a förderе gläichzäiteg hier Koordinatioun a Freed u Beweegung. Am Kader vum Teambuilding léieren si nei Sportaarte wéi Boulderen, Tennis, Hindernisparcours ("Ninja-Warrior") an Tandem-Mountainbike kennen. Och op de Rallyen déi am Ufank vun der Ausbildung fir d'Pompiers professionels- an Officiers pompiers professionels-Stagiairen organiséiert ginn ass de Service sport et aptitudes physiques involvéiert.



Encadrement a Berodung vir all Member vum CGDIS

Nieft dem Encadrement vun de Stagiaire gëtt et fir all anere Member vum CGDIS – ob berufflech oder fräiwëlleg – eng breet Offer un Aktivitéiten an d'Méiglechkeet vun enger perséinlecher Fitnessberodung. Op Basis vun engem Froebou oder Anamnesegespréich gëtt en Trainingsplang entworf. De Plang gëtt eemoleg zesumme mat engem vun de professionelle Coachen am Fitness um CNIS duerchgefouert, soudass dem Erreeche vun de perséinlechen Ziler näischt méi am Wee steet.

D'Personal vum CNIS kann zousätzlech vu Gruppecoursen fir all Niveau a Coaching am Fitness profitéieren. Dëse Sall ass ausgestatt mat klassesche Cardio- a Kraafttrainingsgeräter, mee och Equipement fir sougenannte Functional Training, bei deem ganzheetlechen Training mat alldagsnooe Beweegungen am Fokus steet. Dës Trainingszort ass souwuel interessant als Stäerkung- a Verletzungspräventioun bei kierperlech ustrengende Beruffer wéi och als Ausgläich zu Professiounen déi gréisstendeels am Sëtzen ausgefouert ginn. An der Sportshal niewent dem Fitness kënnen Exercicer duerchgefouert ginn, déi méi Plaz an Usproch huelen: Übunge mat Gewiichtsschlitter, Seeler a fräie Gewiichter fannen hei statt. De Service Sport et aptitudes physiques organiséiert an der Hal déi erwäänte Gruppekuere mat Theme wéi Mobilitéit, Kraaft an Ausdauer. Des Weideren ass d'Sportshal ausgestatt mat Basketskierf, Goler, Netzer a vill anerem Material fir den Teamgeescht ze förderen – souwuel am Peloton wéi och am Service.



Mam Konzept vum zonale Sport gëtt d'Sportsoffer fir jiddereen am Land zougänglech gemaach. De zonale Sport ass an de leschte Méint nei ausgeluecht ginn. Déi neiste Versioun gesäit vir, dass all CIS sech ee Coach aus dem Service sport et aptitudes physiques fir eng Sportseenheet dierf froen. All CIS huet d'Méiglechkeet sech véier mol am Joer ee Coach ze froe mam Zil ganz personaliséiert Sportsenheeten unzebidden.

Eent vun den Haapt-Trainingskonzepter, dat am Zonale Sport ugewant gëtt, ass d'HelloFit-Këscht. Dës ass gefëllt mat plazspuerendem Trainingsekipement an enger Mapp voller Trainingspläng an Iddien, déi vu Gruppe vun all Gréisst an all Niveau kënne genotzt ginn. Dës Këscht kann zu all Moment op Ufro bei de zonale Logistiken vun all CIS ugefrot an ausgeléint ginn.

SOUS LES PROJECTEURS

Gëff och du Beruffspompjee!

Deng Hëllef ass entscheedend.

DE CGDIS REKRUTÉIERT BERUFFSPOMPJEEËN

CGDIS CGDIS

De Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) huet de 14. Mäerz déi nei Rekrutementsronn fir haaptberufflech Pompjeeë gestart.

Bis den 10. Mee konnte sech engagéiert a motivéiert Kandidatinnen a Kandidaten, déi sech fir eng berufflech Karriär am Déngscht vun der Bevëlkerung interesséieren, mellen.

Lauschter hei eise Podcast deen de CGDIS virstellt

E Beruff mat Sënn
De Pompjee hëlleft an allen Noutlagen:
- 90% vun den Asätz als Pompjee sinn Ambulanzasätz
- Feier an techneschen Hëllefsleeschtungen

Iwwerall do wou Mënschen, Déieren oder Gidder a Gefor sinn.

Deng Viraussetzunge fir dech fir d'Ausbildung zum Beruffspompjee unzemellen
Du bass:
- mindestens 18 Joer al
- am Besëtz vun enger 3ième / 11ème oder engem DAP / CATP
- am Besëtz vum B1 Führerschein (spéitstens den 1. Oktober 2026)
- Ressortissant vun der EU
- secher an der lëtzebuergescher, däitscher a franséicher Sprooch

Gutt ze wëssen:
Et ginn keng speziell Virkenntnisser verlaangt – Du léiers alles an der Formatioun.

Weider Informatiounen zum Rekrutement

De Rekrutementsprozess

1. De Staatsexamen an der Karriär C1
Ee gepackte Staatsexamen ass obligatoresch fir sech fir d'Ausbildung zum Beruffspompjee ze mellen.

2. Sportstest
De Sportstest vum CGDIS emfaasst folgend Disziplinnen:
- D'Pompjeesleeder (30 m) ropklammen
- Cardio: d'Trapen an der Pompjeesuniform ropgoen
- Schwammen: 200 Meter brasse schwammen a 15 Meter tauchen
- Ausdauer: 2400m Lafen
- En Ausdauer-Parcours
- Plank

3. Psychometreschen Test
Als Pompjee trëfft een oft op Stresssituatiounen an deenen et wichteg ass ee kloere Kapp ze behalen. Fir deng Stressresistenz ze teste ginn verschidde Logik- an Denk-Tester gemaach.

4. Entretiens individuels
Mir invitéieren dech an ee perséinlecht Gespréich fir dech an deng Ambitioune kennenzeléieren.

5. Medezineschen Test
De leschte Schrëtt am Rekrutementsprozess ass dass d'Doktere verschidden Tester an Analyse maachen ob een och gesondheetlech apte ass.

Weider Informatiounen zur Formatioun

Wëlls du weider Informatiounen oder en Abléck an de Parcours vun engem Pompjeesstagiaire kréien? Da lauschter an eise Podcast eran!

Eng nei Kampagne fir d'Rekrutement vu Beruffspompjeeën ze förderen!
Fir der klammender Unzuel un Asätz kënne gerecht ze ginn, huet de CGDIS dëst Joer eng nei Campagne lancéiert fir d'Rekrutement vu 50 neie Beruffspompjeeën ze ënnerstëtzen.

No 5 Joer «Dofir gemaach» als Slogan vum Rekrutement vu Beruffspompjeeën an Offizéier, war et elo un der Zäit eng nei Campagne z'entwéckelen an se un d'Ufuerderunge vun der Gesellschaft an un d'Realitéit vum Pompjeesalldag unzepassen.

Am Hierscht 2025 gouf dofir een Appell d'offre un dräi verschidden Agencë geschéckt, déi am November d'Méiglechkeet kruten hier Iddi'e virun engem Comité de décision, bestoend aus dem President vum Verwaltungsrot, dem Direkter vun der Direction administrative et financière, an 2 Representantë vum Service communication virzestellen.

Hieren Optrag war et e Kreativkonzept op d'Been ze stelle fir d'Attraktivitéit vum Pompjeesberuff bei der Bevëlkerung ze stäerken, andeems déi verschidde Missioune vum CGDIS an de Vierdergrond gestallt ginn.

Den Alldag vum Pompjee ass immens ofwiesslungsräich, soudass een zu all Moment kann op e Feier, en Autosaccident, en Ambulanz- oder Onwiederasaz geruff ginn. Dës Diversitéit soll an der Campagne duergestallt ginn a souwuel

nei motivéiert Kandidatinnen a Kandidaten unzéie, souwéi och d'Aarbescht vun de Pompjeeë vis-a-vis vun der Bevëlkerung en valeur setzen.

Wann een un e Pompjee denkt, huet een oft dat klassescht Bild vum männleche Pompjee am Kapp, deen am Stuermgezei an Otemschutz an e Feier leeft.
Vu dass awer 90% vun den Asätz déi d'Pompjeeë beim CGDIS fueren, Ambulanzasätz sinn, sollt de Fokus vun der Campagne virun allem op de Beräich « secours à personne » geluecht ginn.

Als Patron, dee vill Wäert op Diversitéit a Gläichberechtegung leet, soll och kloer vermëttelt ginn, dass jiddereen seng Plaz beim CGDIS ka fannen, egal wéi een Alter oder Geschlecht een huet.

Jiddereen, deen de schoulesche Viraussetzungen entsprécht, huet d'Méiglechkeet sech als Beruffspompjee ze mellen an ab Oktober 2026 déi 2 järeg Ausbildung am Institut National de Formation des Secours (INFS) zu Gaasperech ze starten. Och dëse Volet sollt anescht wéi déi Jore virdru mat an d'Campagne agebonne ginn.

Deng Hëllef ass entscheedend.

D'Kreativagence « Concept Factory » huet sech eisen Ufuerderungen ugeholl a konnt sech mat hirem Konzept vun de Konkurrenten ofhiewen a krut den Optrag d'Rekrutementscampagne fir 2026 kreativ ze gestalten.

Mat engem prägnante Slogan a kuerze Messagen zitt déi nei Campagne d'Opmierksamkeet op sech.

Den neie Slogan fir Beruffspompjeeën ze rekrutéieren ass **« Deng Hëllef ass entscheedend! »**

De Slogan baséiert op dem Point de vue vum Patient, dee sech an enger Noutsituatioun befënnt an op d'Hëllef vun de Pompjeeën ugewisen ass. Dëst kann op all Asazzenario ugewant ginn, sief et op een Haus brennt, een an engem Auto ageklemmt ass, ee krankheetsbedéngt muss an d'Spidol bruecht ginn oder engem säin Déier a Gefor ass.

D'Hëllef vum Pompjee ass an all Fall entscheedend fir zu enger Besserung vun der Situatioun ze kommen.

Nom Slogan **« Deng Hëllef ass entscheedend! »** gouf den Opruff **« Gëff och Du Beruffspompjee »** als Call-to-action ergänzt. Dëse soll motivéiert an engagéiert Leit opfuerderen sech méi iwwert de Beruff z'informéieren a sech fir déi nächst Sessioun vun der Ausbildung zum Pompjee ze mellen.



(Fig. 1)

Fir méiglechst vill Leit unzeschwätzen an och d'Diversitéit vum Beruff ze verdäitlechen, sinn zesumme mam Service recrutement 6 verschidde Messagen definéiert ginn, déi op den eenzelnen Affichen ze gesi sinn.

1. D'Affiche mat den 2 Pompjeeën déi an eng Sportshal eragelaf kommen an ee Spineboard an e SAP-Rucksak droen, dréit de Message **« Du wëlls Verantwortung droen? »**. Doduerch, dass déi 2 Pompjeeën eppes bei de Patient droe fir em ze hëllefen, gouf mam Message eng Duebeldeitegkeet geschaf.

2. De Visuell mam Binôme am Stuermgezei, deen an ee mat Damp gefëllte Kannerzëmmer erakënnt, dréit d'Iwwerschréft **« Du wëlls kee klassesche Bürosjob? »**. Dëst fir déi Leit unzeschwätzen déi Ofwiesslung, Spannung a Beweegung an hirem Aarbechtsalldag brauchen.

3. **« Du wëlls am Team schaffen? »** gëtt um Visuell vum Autosaccident gefrot, wou de Pompjee um Buedem sëtzt an nom Zoustand vu sengem Patient kuckt. D'Ekippe stinn am Hannergrond prett fir um Patient déi néideg Hëllef ze leeschten. D'Pompjeeë schaffen ëmmer am Binôme, soudass Vertrauen an Zesummenhalt an der Ekipp eng gutt Zesummenaarbecht an een onkomplizéierten Oflaf wärend den Asätz garantéieren.

4. De Visuell an der Ambulanz, wou d'Pompjeeën hanne beim Patient stinn, dréit d'Iwwerschréft « **Du wëlls Leit an Nout hëllefen?** ». Och wa vill Faarten an d'Spideeler keng vital Noutfäll sinn, representéieren d'Ambulanzasätz d'Majoritéit vun de Pompjeesasätz.

5. D'Veränneruge vum Klima droen dozou bäi, dass d'Bevëlkerung ma och d'Pompjeeën ëmmer méi oft mat Wiederphänomener konfrontéiert ginn. **« Du wëlls eng Hand mat upaken? »** steet hei fir d'Hëllefsbereetschaft vum Pompjee, wann de Bierger oder seng Gidder a Gefor sinn. Bei dëser Affiche

paken d'Pompjeeën eng Hand mat un, a liwwere Sandsäck fir de Schued vum Héichwaasser ze minimiséieren. *(Fig. 3)*

6. **« Du wëlls en Job mat Zukunft? »** ass de Message vun der Affiche bezüglech der Formatioun. Hei demonstréiert den Instrukter senge Schüler déi richteg Handgréffer fir eng Reanimatioun. Zousätzlech zu deenen aneren Affichë gouf hei ee Qualitéitssigel bäigefüügt mam Message **« Ausgebilt fir ze hëllefen »**. *(Fig. 4)*

Wärend 3 Méint huet eng enk Zesummenaarbecht tëscht der Agence an dem Service communication stattfonnt, fir den Dréi, d'Fotoshootings, an déi visuell Conceptioun vun der Campagne ze finaliséieren.



(Fig. 2)



(Fig. 3)



(Fig. 4)



Säit dem 14. Mäerz ass déi nei Campagne op verschiddene Supporten uechtert d'Land ze gesinn. Vu Bushaisescher, bis hin zu digitalen Ecran'en an de Shopping Centeren, de Récksäite vu Busser oder dem 30 Sekonne Werbespot am Kino, rifft de CGDIS nach bis den 10. Mee motivéiert an engagéiert Leit op, sech als Beruffspompjee ze mellen.

Nieft de klassesche Printmedien an de Bushaisercher, wollte mir bewosst nach ee Schratt méi wäit goen a méi no un d'Leit erukommen fir de Pompjeesberuff méi gräifbar ze maan. Dofir hu mir eng vun de Print-Affichen aus dem Bushaischen um Hamilius duerch eng Ambulanzjackett ersat. Mam klore Slogan «Deng zukünfteg Uniform?» schwätze mir d'Leit direkt a perséinlech un a motivéieren si, sech selwer am Beruff vum Pompjee ze gesinn. Dës Aktioun huet d'Zil, de Virwëtz bei de Leit z'erwächen an hinnen d'Karriär vum Beruffspompjee als realistesch a sënnvoll Méiglechkeet an d'Bewosstsinn ze bréngen.

The CGDIS has been published in RESUSITATION PLUS, a renowned medical journal.

HOW A SYSTEM SAVES LIVES

Pascal Stammet[eb,*], Valentin Hajek[e], Nicolas Rinaldis[e], Olivier Pierrard[c], Carlo Clarens[d], Philippe Degrell[e,f]

© CGDIS

Results of Luxembourg's nation wide cardiac arrest project

ABSTRACT

Background:
In 2018 the prehospital Emergency Medical System (EMS) in Luxembourg underwent a major reorganization by the creation of a single EMS structure. We aimed to study the impact of this reorganization on outcome after out-of-hospital cardiac arrest (OHCA).

Methods study design:
We conducted a before-and-after study on outcome after OHCA in Luxembourg taking advantage of the existing EuReCa studies protocols and case report forms. The first period extended from October 2017 to September 2018, and the second from September 2021 to August 2022.

Setting:
Nationwide observational database on OHCA. Participants: All OHCA patients within the territory of the Grand Duchy of Luxembourg reported through an emergency call.

Intervention:
None.

Main outcomes and measures:
The primary outcome was the survival rate after OHCA. Secondary outcomes were rates of bystander and phone cardio-pulmonary resuscitation (CPR), return of spontaneous circulation (ROSC) rates and arrival times of EMS.

Results:
Over the 2 time periods, the incidence of OHCA emergency calls remained stable, whereas the confirmed OHCA increased from 236 to 375 cases per year. Bystander and phone CPR rates significantly increased, by 1.5 and 5-fold, respectively. EMS response time was significantly reduced (16:19 min vs 11:03 min, $p < 0.001$) and associated with significantly improved survival (OR per minute 0.83, 95 % CI 0.73–0.95). Hospital admission with ROSC increased non-significantly from 19% to 24% ($p=0.08$) and 1-month survival increased significantly from 9 (3.8%) to 37 survivors (9.8%) ($p=0.006$), corresponding to 28 additional lives saved within one year. No statistically significant difference could be shown on 1-month survival or ROSC rate when phone CPR or bystander CPR were performed.

Conclusion:
Over 4 years, major structural and organizational EMS changes led to significantly shorter EMS response times and were accompanied by a significant increase of survival after OHCA. Whether other factors also have contributed to better survival remains unclear.

Keywords:
Bystander cardiopulmonary resuscitation, Phone assisted cardiopulmonary resuscitation, Prehospital, Resuscitation, Quality of care, Emergency medical system, Out-of-hospital cardiac arrest

Introduction

Outcome after out-of-hospital cardiac arrest (OHCA) is closely linked to the rapidity of initiation of cardio-pulmonary resuscitation (CPR).[1,2] Besides bystanders, emergency medical services (EMS) organization plays a crucial role, especially for the detection of a cardiac arrest (CA) already during the emergency call, guiding lay people to perform cardio-pulmonary resuscitation (CPR) via phone assistance and, rapidly dispatching first responders and EMS teams to the scene of the CA.[3]

In Luxembourg, favorable outcome after OHCA remains sparse[4,5] and the awareness that society and the system should evolve, sparked the Luxembourg Resuscitation Council (LRC) and the government to take action to improve outcome after cardiac arrest.

Back in 2015 the LRC started the "Réagis au Lycée!" ("react at high school!") campaign aiming at teaching compression only CPR during their school curriculum at high school.[6] Starting as a pilot project, the interest and the number of pupils trained has steadily increased. Each year more than 10.000 students are trained. Since June 2023, this training has become mandatory, hopefully boosting the number of school children being instructed for CPR and eventually increasing the number of lay bystanders.

Mid 2018, the Luxembourg national fire and rescue corps ("Corps Grand-ducal d'incendie et de secours" CGDIS) was created (https://112.public.lu/). This new entity groups all prehospital emergency actors (like ambulance services, physician and nurse staffed emergency medical vehicles ("service d'aide médicale urgente" (SAMU) and firefighters) within one single organization, including a single national emergency dispatch center. Since 2021, additionally a nurse officer is on duty 24/7 at this dispatch center thriving steady efforts to implement and improve detection for cardiac arrests[7] and to routinely instruct phone CPR.

Prior to 2018, the ambulance service was primarily managed by the Civil Protection, heavily relying on volunteers coming from home to arm the ambulances and depending on the Ministry of Interior. Only in Luxembourg City the ambulance service was operated by a professional fire brigade. The physician and nurse staffed "SAMU" depended on the Ministry of Health and was run by different hospitals. The creation of a single entity allowed for a nationwide four-fold increase of professional firefighters and paramedics. Ambulances stations have increased by numbers and now run exclusively from their base with onsite personnel, the means of the "SAMU" have also increased and organizational measures have been taken to lower the response times of all means.

The major organizational changes in EMS are depicted in Fig. 1. We took advantage of the EuReCa-TWO study (run from October to December 2017)[8] and the EuReCa-THREE study (run from September to November 2022)[9] to extend the data collection period from 3

months to a whole year (CARDLUX). As such, we were able to cover the period before the creation of CGDIS (or at least before all the structural and personnel changes came to effect) and the period where CGDIS was fully operational with structural and personnel changes in place. Using the EuReCa/CARDLUX data we aimed to analyze the impact of the prehospital management of OHCA on patient survival in Luxembourg, after the creation of a new and more effective prehospital care system and a lay bystander training pro-gram in secondary school kids. As secondary endpoints we analyzed bystander CPR rates, phone CPR rates, EMS response times and return of spontaneous circulation (ROSC) rates.

Methods

Study design

We performed a prospective observational registry study over 2 periods. We used our national data of the EuReCa-TWO study[8] and the EuReCa-THREE study[9] and extended the data collection from 3 months to a full one year period. The extension projects were called CARDLUX 1 and CARDLUX 2 ("Cardiac Arrest and Defibrillation in Luxembourg") respectively. CARDLUX1, including EuReCa-TWO, ran from October 2017 to September 2018 and CARDLUX2, including EuReCA-THREE, ran from September 2021 to August 2022. For both studies we used the same electronic case report form (eCRF). All cases of OHCA on the whole territory of Luxembourg were included in the database. Confirmed OHCA was defined as CPR performed by EMS or AED shocks delivered, in the absence of signs of irreversible death and absence of "do not resuscitate" orders. To reduce the risk of missed cases, data originated from 2 distinct sources, the call center and the ambulance files, to allow a double check. All patients recognized as having a cardiac arrest were listed at the emergency call center and were cross-checked with a specific file for OHCA reporting originating from the EMS staff. All relevant information was extracted from the EMS chart and call center data. All incoming emergency phone calls of the CARDLUX2 period were audited post hoc by a designated EMS nurse to extract data and gain important information for quality improvement. Outcome data were obtained via the treating physicians or hospitals.

Both studies received ethical approval from the national ethics board (CNER 201709/04 and 202208/02, respectively). Informed consent was waived for deceased patients, patients regaining consciousness were asked for informed consent post hoc. As the first study period covered the last period before the creation of CGDIS, and the second period corresponded to CGDIS already being set up for 3 years, this study allowed us to study the impact of an important EMS organizational change on the initial care and the outcome of OHCA.

Statistical analysis

Continuous variables are presented with mean and standard deviation (SD), and categorical data are presented as numbers and per-centages. We compared baseline demographic and clinical characteristics between groups using Chi-square test, Fisher exact test, t-test, or Wilcoxon rank sum tests for categorical and continuous variables, as appropriate. We performed multivariable logistic regression to assess independent predictors of 1-month survival, including dispatcher-assisted CPR, bystander CPR, first AED shock, and EMS response time. An interaction term between response time and study period (CARDLUX1 vs CARDLUX2) was added to formally test whether the effect of response time differed between periods. P values lower than 0.05 are considered statistically significant. All statis-tics were performed on IBM SPSS, Version 29. Data was complete for the primary endpoint (survival) and missing values for secondary endpoints were lower than 5%. We did not correct for missing data.

Results

In total, 611 patients presented a confirmed OHCA, 236 in CAR-DLUX1 and 375 in CARDLUX2, respectively. Over the two study periods, the incidence of emergency calls for presumed cardiac arrest, in relation to a steadily growing population, remained stable with a slight tendency to drop, while the number of confirmed OHCA where CPR has been started, markedly increased by nearly 40%. We noticed an increase in the ROSC rate resulting in an overall improvement in the admission rate to the hospital, as well as a significant increase of 1-month survival rate from 3.8% to 9.8% ($p = 0.006$), corresponding to additional 28 lives per year saved (Table 1).

A 1.5-fold increase of bystander CPR rate was noticed, while the rate of phone CPR increased nearly 5-fold. EMS intervention times from call to scene were also significantly reduced by more than 5 min. In adjusted analysis using multivariable logistic regression including an interaction term between EMS response time and study period, a significant effect modification was observed (OR 1.17, 95% CI 1.05–1.30, $p = 0.004$). In CARDLUX 2, shorter EMS response time was independently associated with higher 1-month survival, with each additional minute of delay reducing the odds of survival by approximately 17% (OR 0.83 per minute, 95% CI 0.73–0.95, $p = 0.006$). In contrast, EMS response time was not significantly related to survival in CARDLUX1 (OR ~ 0.97, p = n.s.). Phone CPR showed a non-significant trend toward improved survival (OR 1.45, 95% CI 0.96–2.20, $p = 0.08$), whereas bystander CPR and first shock by an AED were not independently associated with outcome after adjustment (Table 2).

The ROSC rate (any ROSC after CPR, including transient unstable ROSC) also increased by one quarter from 26% to 33%. The initial rhythm was less frequently shockable in the second study period (34% vs 24% respectively).

No statistically significant differences could be shown on ROSC rate or

Organizational changes of the EMS system



Fig. 1 – Major organizational changes following implementation of a unique Emergency Medical System in Luxembourg.
Legend: CGDIS = "Corps Grand-ducal d'incendie et de secours" (National fire and rescue corps); EMS = emergency medical services;- CIS = "Centre d'incendie et de secours" (Fire and rescue / ambulance station).

Table 1 – Comparative results between CARDLUX1 and CARDLUX2.

	CARDLUX1	CARDLUX2	p value
Population covered (x 1000)	549.7	660.8	
Incidence OHCA calls per 100 000 population	83.1	78.2	
Emergency calls for OHCA (n)	457	517	
CA confirmed with CPR attempts (n)	236	375	
Patient age (years)	68.9 95 % CI 66.6–71.2	68.8 95 % CI 66.9–70.7	0.95
Male (%)	63.1	66.8	0.559
Bystander CPR (n,%)	73 (31 %)	186 (49.6 %)	0.065
Phone CPR (n,%)	15 (6.3 %)	113 (30 %)	<0.001
Time to scene (min:sec)	16:19 95 % CI 15:00–17:38	11:03 95 % CI 10:33–11:34	<0.001
First recorded rhythm shockable (n,%)	77 (34 %)	87 (24 %)	0.037
AED connected before EMS arrival (n,%)	32 (14 %)	63 (17 %)	0.49
First shock AED (n,%)	21 (8.9 %)	22 (5.8 %)	0.056
Causes of cardiac arrest			0.1
Medical (n,%)	186 (79 %)	264 (70 %)	
Traumatic (n,%)	10 (4.2 %)	25 (6.7 %)	
Drug overdose (n,%)	1 (0.4 %	3 (0.8 %)	
Asphyxial (n,%)	10 (4.2 %)	18 (4.8 %)	
Unknown (n,%)	29 (12 %)	65 (17 %)	
Outcome			
Any ROSC (n,%)	62 (26 %)	123 (33 %)	0.13
Admission with ROSC to hospital (n,%)	44 (19 %)	90 (24 %)	0.08
Admission with ongoing CPR to hospital(n,%)	16 (6.8 %)	19 (5.1 %)	0.16
1 month-survival (n,%)	9 (3.8 %)	37 (9.8 %)	0.006
Bystander CPR	*n* = 73	*n* = 186	
ROSC if bystander CPR (n,%)	25 (34.2 %)	60 (32.2 %)	0.6
Survival if bystander CPR (n,%)	3 (4.1 %)	20 (10.8 %)	0.11
Phone CPR	*n* = 15	*n* = 113	
ROSC if phone CPR (n,%)	6(40 %)	37(33 %)	0.46
Survival if phone CPR (n,%)	1(6.7 %)	11 (9.7 %)	0.7

Table 2 – Multivariable analysis for survival.

	OR	95 % CI	p value
CARDLUX 1	0.95	0.37–2.44	0.91
Phone CPR	1.45	0.96–2.20	0.08
Bystander CPR	1.03	0.95–1.11	0.51
First shock AED	1.75	0.98–3.11	0.06
Time to scene	0.83	0.73–0.95	0.006
Time to scene * CARDLUX 1	1.17	1.05–1.30	0.004

1-month survival when phone CPR or bystander CPR were performed.

Discussion

Major structural changes in the organization of the EMS system resulted in significantly shorter response times and we showed a nearly 3-fold increase in OHCA survivors. Other outcomes like "any ROSC" and "admission to hospital with ROSC" also improved, although not significantly. Over the 2 study periods we noticed an increase in the number of confirmed OHCA exceeding the mere increase of population. This finding might be related to the fact that more bystanders performed CPR, phone assisted CPR increased, and ambulances arrived earlier on scene.

Nearly all recorded variables that could be linked to better out-comes have improved over time. In multivariable analysis, only EMS response times were significantly different between the study periods. In CARDLUX2, each additional minute resulted in a 17% reduction of the chance of survival.

The increase in bystander CPR rates may have contributed the improved outcome, even though we could not demonstrate statistical significance. With only close to 50% of bystander CPR rate, there is still a huge margin of improvement compared to other high performing countries.[8,10]

Adaptations at the emergency call center also contributed to a close to 5-fold increase in phone-assisted CPR. Unfortunately, we were not able to discern whether our bystander CPR-rate also com-prises phone CPR. Still, with the projected measures to further refine dispatchers' capacities to detect cardiac arrest on the phone and targeting "gasping" that is mistakenly taken for breathing, we expect further improvements in upcoming analysis over the next years.[7]

Notably, the rate of AED's attached prior to the arrival of the EMS did not increase markedly although the availability of public AEDs is steadily increasing. Rather than questioning the utility of public AEDs, our findings might well be related to the faster EMS arrival on scene and the inherent lack of time to apply a public AED.
